

## Sommaire

<b>1. Ouverture de la séance publique</b>	p. 76	Marc Hansen   M. Fernand Kartheiser (parole après ministre)   M. le Ministre Marc Hansen   M. Mars Di Bartolomeo (parole après ministre)
M. Fernand Etgen, Président   M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État		Vote sur l'ensemble du projet de loi 8198 et dispense du second vote constitutionnel
<b>2. Octroi d'un titre honorifique à une ancienne fonctionnaire de l'Administration parlementaire</b>	p. 76	<b>6. 7968 – Projet de loi portant modification :</b>
M. Fernand Etgen, Président		1 <sup>o</sup> du Code civil ;
<b>3. 8170 – Projet de loi portant fixation des éléments et montants de la dotation allouée au Grand-Duc, à l'ancien Chef de l'État, au Grand-Duc Héritier, au Régent et au Lieutenant-Représentant et modifiant la loi modifiée du 24 mai 1922 ayant pour objet de réglementer à nouveau l'assiette à l'impôt sur le revenu et à l'impôt complémentaire des revenus et biens de la Maison grand-ducale de Luxembourg</b>	p. 76	2 <sup>o</sup> de la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat ;
Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle : M. Mars Di Bartolomeo		3 <sup>o</sup> de la loi modifiée du 10 août 1915 concernant les sociétés commerciales ;
Discussion générale : M. Léon Gloden   M. Guy Arendt   M. Charles Margue   M. Fernand Kartheiser   Mme Nathalie Oberweis   M. Sven Clement		4 <sup>o</sup> de la loi modifiée du 19 décembre 2002 concernant le registre de commerce et des sociétés ainsi que la comptabilité et les comptes annuels des entreprises,
Prise de position du Gouvernement : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État   M. Mars Di Bartolomeo (parole après ministre)		en vue de la transposition de la directive (UE) 2019/1151 du Parlement européen et du Conseil du 20 juin 2019 modifiant la directive (UE) 2017/1132 en ce qui concerne l'utilisation d'outils et de processus numériques en droit des sociétés
Vote sur l'ensemble du projet de loi 8170 et dispense du second vote constitutionnel		Rapport de la Commission de la Justice : M. Charles Margue
<b>4. Résolution de M. Fernand Kartheiser relative à la possibilité de prêter serment dans une des trois langues administratives</b>	p. 79	Discussion générale : M. Léon Gloden   M. Guy Arendt   M. Dan Biancalana   M. Fernand Kartheiser   M. Marc Goergen
M. Fernand Etgen, Président		Prise de position du Gouvernement : Mme Sam Tanson, Ministre de la Justice
Discussion générale : M. Mars Di Bartolomeo   M. Fernand Kartheiser (retrait de la résolution)   Mme Nathalie Oberweis		Vote sur l'ensemble du projet de loi 7968 et dispense du second vote constitutionnel
Prise de position du Gouvernement : M. Marc Hansen, Ministre aux Relations avec le Parlement		<b>7. 8174 – Projet de loi portant</b>
<b>5. 8198 – Projet de loi modifiant :</b>		1 <sup>o</sup> transposition de la décision-cadre 2003/577/JAI du Conseil du 22 juillet 2003 relative à l'exécution dans l'Union européenne des décisions de gel de biens ou d'éléments de preuve ;
1 <sup>o</sup> la loi modifiée du 16 avril 1979 fixant le statut général des fonctionnaires de l'État ;		2 <sup>o</sup> transposition de la décision-cadre 2006/783/JAI du Conseil du 6 octobre 2006 relative à l'application du principe de reconnaissance mutuelle aux décisions de confiscation ;
2 <sup>o</sup> la loi modifiée du 24 décembre 1985 fixant le statut général des fonctionnaires communaux ;		3 <sup>o</sup> modification du Code de procédure pénale ;
3 <sup>o</sup> la loi communale modifiée du 13 décembre 1988	p. 79	4 <sup>o</sup> modification du Nouveau Code de procédure civile ;
Rapport de la Commission de la Fonction publique et de la Commission des Affaires intérieures et de l'Égalité entre les femmes et les hommes : M. Dan Biancalana		5 <sup>o</sup> modification de la loi du 22 juin 2022 portant sur la gestion et le recouvrement des avoirs saisis ou confisqués
Discussion générale : Mme Diane Adehm   M. Claude Lamberty   Mme Josée Lorsché   M. Fred Keup   Mme Myriam Cecchetti   M. Marc Goergen		M. Fernand Etgen, Président
Prise de position du Gouvernement : M. Marc Hansen, Ministre de la Fonction publique   M. Fernand Kartheiser (parole après ministre)   M. le Ministre		Vote sur l'ensemble du projet de loi 8174 et dispense du second vote constitutionnel
		Au banc du Gouvernement se trouvent : M. Xavier Bettel, Premier Ministre, Ministre d'État ; M. Marc Hansen et Mme Sam Tanson, Ministres.

(La séance publique est ouverte à 14.01 heures.)

## 1. Ouverture de la séance publique

**M. Fernand Etgen**, Président | Ech maachen d'Sitzung op.

Huet d'Regierung eng Kommunikatioun ze maachen?

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'État | Här President, ech wollt Iech just matdeelen, dass haut de Mëtteteg, normalerweis géint 16.00 Auer, den honoreable Member vun dësem Haus, den Här Hahn, wäert an der Regierung vereedegt ginn. Dofir wäert hien elo de Mëtteteg net hei sinn. Mee bis 16.00 Auer, wann Der nach Votten hutt, kann ee fir hie matstëmmen. Mee no 16.00 Auer wier ech frou, wa kee méi vun der Demokratescher Partei fir den Här Hahn géif stëmmen, well soss hätte mer e Problem.

(Hilarité)

Voilà, ech wollt déi Noriicht just matdeelen.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Premierminister, fir déi Informatiouen.

## 2. Octroi d'un titre honorifique à une ancienne fonctionnaire de l'Administration parlementaire

Ogrond vun der Decisioun vum Bureau vun der Chamber an dem Artikel 43 vum Beamtestatut vun der Chamber geët der Madamm Juliette Ludwig, Inspecteur, déi d'Administration parlementaire pensiounshaber verlooss huet, den Éierentitel vun hirer Funktioun zouerkannt. Häerzlech Felicitatiounen a villmoos merci fir Ären Engagement!

(Applaudissements)

## 3. 8170 – Projet de loi portant fixation des éléments et montants de la dotation allouée au Grand-Duc, à l'ancien Chef de l'État, au Grand-Duc Héritier, au Régent et au Lieutenant-Représentant et modifiant la loi modifiée du 24 mai 1922 ayant pour objet de réglementer à nouveau l'assiette à l'impôt sur le revenu et à l'impôt complémentaire des revenus et biens de la Maison grand-ducale de Luxembourg

## complémentaire des revenus et biens de la Maison grand-ducale de Luxembourg

Den nächste Punkt um Ordre du jour vun haut de Mëttens ass de Projet de loi 8170 iwwert d'Fixatioun vum Montant vun der Dotatioun vum Grand-Duc, vum fréiere Staatschef, vum Grand-Duc Héritier, dem Regent an dem Lieutenant-Représentant. D'Riedezaït ass nom Basismodell festgeluecht an d'Wuert huet elo de Reporter vun dësem Projet de loi, den honoreablen Här Mars Di Bartolomeo. Här Di Bartolomeo, Dir hutt d'Wuert.

*Rapport de la Commission des Institutions et de la Révision constitutionnelle*

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, Kolleginnen a Kollegen, esou wéi den Här President dat elo just gesot huet: Mam Projet de loi 8170, deen ech Iech am Numm vun eiser Institutiounskommission presentéieren, geet et ém déi praktesch Émsetzung vum Artikel 54 vun eiser revidéierter Verfassung, déi den 1. Juli a Kraaftr trëtt.

Wann Der déi ursprünglech Dokumenter kuckt, dann ass nach eng aner Referenz, wat d'Artikelen ugeet, gemaach, mee vu dass mer mat dem leschte Kapitel déi nei Uerdnung vun den Articlele virgesinn hunn, ass déi Differenz entstanen. Dee richtegen Artikel ass deen, deen ech Iech elo genannt hunn: den Artikel 54 vun där grondleeënd iwwerschaffer Verfassung.

Deen Artikel hält fest, dass eise Grand-Duc, eise Staatschef, de fréiere Grand-Duc, den Ierfgroussherzog, de Lieutenant-Représentant an en eventuelle Regent d'Recht op eng järlech Dotatioun aus dem Staatsbudget hunn. D'Elementer vun där Dotatioun gi vun dësem Gesetz festgeluecht.

Mat deem selwechten Artikel 54 vun der iwwerschaffer Verfassung kann de Staatschef seng Verwaltung – d'Maison du Grand-Duc –, déi d'Rechtsperséinlechkeet kritt, am éffentlechen Interêt organiséieren. Wärend de Finanzement vun der Verwaltung vun eisem Staatschef no de järleche Besoinen iwwert de Staatsbudget leeft, reegelt de Projet 8170 énner anerem d'Héicht an d'Modalitéité vun den Indemnitéité vum Staatschef an deene virdrun erwäntten Amtsinhaber.

De Montant, deen dem Grand-Duc zousteet, laut Artikel 1, läit bei 24.674 Punkte järlech; dat si beim haitegen Indexstand 555.000 Euro. Dat däerf ee sech elo net als eng reng Pai virstellen, mee dee Montant erlaabt et dem Grand-Duc, fir senge representative Flichten – an dat sinn der net wéineg – gerecht ze ginn. Den Ierfgroussherzog, fréiere Staatschef, Lieutenant-Représentant bezéitungweis Regent hunn Utrecht op 10.282 Punkte järlech; dat sinn 229.000 Euro beim Punktwäert 22,273 – dat misst dee vun haut sinn.

Déi Zomme ginn a monatlechen Tranché verséiert a sinn ugepasst un d'Liewenshaltungskäschten, also en anere System vun der Dotatioun, wou den Index spiltt an d'Fraisen, de Käschtepunkt vun der Administratioun, déi, wéi bei aneren Administrationen, vill méi grouss Fluktuationen erfert duerch de Budget an d'Direktiven, wéi se am Budget festgehale sinn.

Zur Erënnerung: An eiser jézeger Verfassung waren zwou verschidden Indemnisatione virgesinn: d>Liste civile, déi mat 300.000 Goldfrange virgesi war – dat huet náischt méi mat der Realitéit ze dinn an dat ass och net esou applizéiert ginn –, an d'Frais de représentation.

Laut Artikel 2 kann némmen eng volljäreg Persoun eng Dotatioun kréien. An ee Beneficiaire däerf, wat logesch ass, just eng eenzeg Dotatioun kréien, och wann e méi wéi eng Fonction huet. Also sinn déi Dotatiounen net cumulable.

Et geet hei drëms, dass eise Staatschef an den Heritier fir hire representative Rôle entschiedegt ginn, dee si en continu ausüben. Mat deem heite Gesetz gëtt also eng Indemnisation fixéiert an de Grand-Duc ka sech während sengem Règne drop verloessen. An de Budget setzt et just dono ém.

Et ass also kee fundamentalen neie Moment an de Grand-Duc kritt och keng nei Suen, well och haut stinn dës Sue schonn am votéierte Budget dran. Et ass de Status quo anescht duergestallt. A fir de Steierzueler an de Staatsbudget ännert dës Reform, déi d'Verfassung jo awer virschreift, náischt Weesentleches an der Praxis. Mee et kénnt der geliefter Praxis vill méi no, wéi dat an der bestoender Verfassung beschrifwen ass.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, ech géif dann elo just ganz kuerz op den Avis vum Conseil d'Etat agoen. Déi héich Kierschaft bemierkt, dass vill Remarken aus hirem Avis zu der Revisionspropositioun 6030 an dësem Projet iwwerholl ginn, énner anerem déi iwwert déi periodesch Upassung vun

der Dotatioun un déi ekonomesch Fluktuation. De Staatsrot huet den originalen éischten Artikel vum Projet als iwwerflësseg consideréiert, well deen Artikel 54 – d'Léscht mat de méigleche Beneficiaire – tel quel an der Verfassung festgehalen ass, also brauch een et net nach eng Kéier am Gesetz festzehalen.

Zu der Prozedur: Den Depot vum Projet de loi gouf de 7. Mäerz vun dësem Joer duerch de Staatsminister gemaach. De Staatsrot huet sain Avis de 7. Mäerz (veuillez lire: de 16. Mee) ofginn. De Projet ass de 24. Mee an der Kommission virgestallt ginn, wou ech och als Rapporteur nominéiert gi sinn. An de Rapport ass de 6. Juni an der Kommission ugeholl ginn.

Als Konklusioun: Dëse Projet, an d'Neierung, wéi se an der Verfassung virgesinn ass, suergt fir méi Transparenz, gëtt der Realitéit ugepasst an d'Parlament gëtt méi an d'Verantwortung agebonnen.

Ech wéll gläichzäiteg dann och den Accord vu menger Fraktioune, der LSAP, bréngen an ech soen Iech alléguer Merci.

#### M. Yves Cruchten (LSAP) | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools dem Här Rapporteur Mars Di Bartolomeo.

Als éische Riedner ass den honorablen Här Léon Gloden agedroen. Här Gloden, Dir hutt d'Wuert.

#### Discussion générale

**M. Léon Gloden (CSV)** | Merci, Här President. Ech soen dem Rapporteur Merci fir säi schriflettechen a mëndleche Rapport. Déi Proposition de loi, déi mer hei stëmmen, ass d'Konsequenz vun der Verfassungsrevioun.

De Rapporteur ass drop agaangen, datt haut an der nach aktueller Verfassung eeben drasteet, datt de Grand-Duc eng Liste civile kritt mat 300.000 Francs-or. Sou vill Francs-or gëtt et net méi hei! A virun dräi Deeg – dat muss ech awer verzíelen, well ech hunn dat líefonnt – huet eng Persoun mech op der Strooss ugehal. Du sot se: „Här Gloden, déi Liste civile, ass dat nach émmer d>Liste de mariage vum Grand-Duc a vun der Grande-Duchesse?“

#### (Hilarité)

Du sot ech: „Nee, Madamm. Dat ass am Fong dem Grand-Duc seng Pai.“ An dofir ass et och gutt, well scho vum Terme hier verstinn d'Leit et net, datt mer do en aktuellen Terme huelen.

Dat heescht, énnert der neier Verfassung kréien de Grand-Duc an de Regent oder den ancien Chef d'Etat an de Grand-Duc Héritier an de Lieutenant-Représentant am Fong, wéi mer dat am Volleksmond soen, „eng Pai“ op däi enger Säit an op däi anerer Säit eng Dotatioun annuelle fir de Fonctionnement vun der Institution vun der Monarchie.

Deen anere Virdeel ass eeben, datt Transparency geschaافت gëtt, datt énnert dem Artikel „Maison du Grand-Duc“ am Staatsbudget alles erëmzefannen ass, wat bezuelt gëtt, wat bis haut net esou de Fall war.

An domadder ginn ech den Accord vu menger CSV-Fraktioune. Merci.

#### Plusieurs voix | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Gloden. Nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorablen Här Guy Arendt.

**M. Guy Arendt (DP)** | Merci, Här President. Ech géif och dem Rapporteur e grousse Merci soe fir sain ausféierleche Rapport – déi zwee: mëndlech a schriflettech. Ech fannen, dass deenen náischt méi bázefügen ass. Ech gi just den Accord vun der DP-Fraktioune.

**Une voix** | Très bien!

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Arendt. An da wier et um honorabelen Här Charles Margue.

**M. Charles Margue** (déli gréng) | Ech faasse mech nach méi kuerz wéi mäi Virgänger: merci dem Rapporteur, och merci dem Léon Gloden fir déi anschauliche Anekdoten. Ech si frou, dass mer déi Fro elo gekläert hunn, dass et da méi einfach fir d'Leit ass an, ech mengen, och fir eis heibannen.

Ech ginn den Accord vun der grénger Fraktioune. Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Margue. An da geet d'Wuert weider un den honorabelen Här Fernand Kartheiser.

**M. Fernand Kartheiser** (ADR) | Här President, villmools merci. Och ech wéilt ufänken, wéi den Här Mars Di Bartolomeo, villmools Merci ze soen. Hien huet en Don, fir verschidde Saache ganz lieweg duerzestellen, sou och dat hei. An dofir, mengen ech, ass et flott, fir och eng Kéier iwwert deen Aspekt vun eiser Monarchie ze schwätzen.

Eis parlamentaresch Demokratie a constitutionnel Monarchie ass e ganz moderne System, contrairement zu deem, wat heiansdo gemengt gëtt. Et ass e System, deen enorm staatsrechtliche Virdeeler huet, deen eis eng geschichtliche Dimensioun gëtt, deen eis eng international Visibilitéit gëtt an deen duerch d'Vérdéngscher vum Groussherzog a senger Famill, déi een och muss énnersträichen, och wierklech eng gewëssen Dignitéit op der internationaler Bün gëtt. An dofir gehéiert eis Dankbarkeet och dem Grand-Duc a senger Famill.

Wa mer haut iwwert déi heiten Dispositioun schwätzen, dann ass et mat enger gewëssener Nostalgie. Et ass émmer flott, fir Dispositiounen ze liesen, datt 300.000 Goldfrang nach am Spill sinn. Dat ass net méi ganz modern, dat ass richtig. Et war awer och ni e Problem bei der Applikatioun. Elo iwwersetze mer dat an „Euro“ an „Index“. Gutt, dat si modern Zäiten. Dat ass och eppes, wat d'ADR ka matdroen, mee et ass awer och émmer eng geschichtliche Dimensioun derbäi. An déi 300.000 Goldfrang waren einfach eng flott Erënnerung un d'Vergaangenheit an un eng laang Tradition.

Fir eis ass et kloer, datt et Aspekte gëtt an der Monarchie, déi ee ka moderniséieren. Deen heie gehéiert dozou. Dat ass sécher sénnvoll. An et gëtt anerer, wou mer éische Traditioun, Kontinuitéit an déi geschichtliche Dimensioun betounen an do ganz, ganz virsichteg sinn, ier mer iergendeppes wëllen un deenen Dimensiounen änneren.

Dat gesot wäert d'ADR dëst Gesetz matstëmmen. Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmools, Här Kartheiser. An da wär et un der honorabler Mamm Nathalie Oberweis.

**Mme Nathalie Oberweis** (déli Lénk) | Jo, merci, Här President. Mat dësem Projet de loi gëtt d'Dotatioun gereegelt, déi fir déi am Artikel 54 vun der reviséierte Constitutioun genannte Persoune virgesinn ass. Dës Dotatioun versteet sech als Aart Géigeleeschtung fir d'Respektéiere vun de Responsabilitéiten an Obligationen, déi mat dem jeeweilege Rôle verbonne sinn, a stéet de Beneficiairen dann och zu hirer fräier Verfügung.

Elo emol onofhängeg dovunner, datt mir als déi Lénk natierlech fir eng aner politesch Staatsform sinn, an och onofhängeg vum Montant vun der jeeweileger Dotatioun, iwwert déi een natierlech diskutéiere kann, muss ee bei dësem Gesetz begréissen, datt

Transparenz geschaافت gëtt. Grad do, wou ëffentlech Gelder fléissen, ass dëst onabdingbar!

Ech géif awer nach kuerz gäre profitéieren, ee Gedanken an de Raum ze werfen, deen een am Waringo-Rapport erëmfénnt. An zwar geet ém d'Fro, wat dann eigentlech géif geschéien, wann ee vun de Beneficiaren déi mat senger Roll verbonne Responsabilitéiten an Obligationen op eemol net méi géif respektéieren, also, anescht gesot, wann hien oder hatt senger Géigeeleschtung net méi géif nokommen.

An engem Aarbeitsverhältnis, wéi mir et hautzu-daags kennen, géif zum Beispill e Salarié, dee senge Flichten net méi nokénn, schnell entlooss ginn a sécherlech kee Salaire méi kréien. An dësem Projet de loi fénnnt sech elo allerdéngs keng entspreechend Dispositioun, déi virgesäit, datt bei enger Mëssuechtung vun de Responsabilitéiten an Obligationen een Deel vun der Dotatioun zréckbehale kéint ginn oder datt alles gestrach kéint ginn.

Aus dem Waringo-Rapport geet allerdéngs ervir, dass dëst an der Belsch beispillsweis anescht gereegelt ass an dass et do Mechanisme gétt, déi bei esou engem Fall eng Upak fannen.

Natierlech gëtt elo gesot, dass dëst souwisou ni wäert passéieren, mee ech denken awer, dass et èmmer besser ass, all Zenario virzegesinn, amplaz blann ze vertrauen an duerno mam Fanger am Mond dozestoen. Mir ginn net dovunner aus, datt dat wäert passéieren, mee, ech mengen, et wär gutt virzesuergen.

Mir wäerten dëse Projet de loi net matstëmmen. Villmoos merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmoos, Mадamm Oberweis. An da wier et um Här Sven Clement.

**M. Sven Clement** (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleginnen a Kolleegen, datt de Grand-Duc bezuelt muss ginn, dat steet ausser Fro. Datt seng Famill muss kénéne vun eppes liewen, dat ass Deel vun enger constitutionnel Monarchie. Ech hu mech och e bësse schlau gemaach duerch Erëmfroen a vun deene Sue gi jo och zum Beispill Krankeekessbâitrag fir de Rescht vun der Famill bezuelt, fir déi, déi elo net an de Benefiss vun deenen heiten Dispositiounen kommen.

Elo stellen ech mer awer eng Fro an dat ass: Virdru war et kloer opgedeelt. Et ass eng Liste civile ginn an et si Frais de représentation ginn. D'Frais de représentation ware fir ze representéieren, fir Ausgaben ofzedecke wéi zum Beispill vun Evenementer. An d'Liste civile war fir den Ènnerhalt vum Grand-Duc respektiv senger Famill. Elo puché mer dat zesummen an een Déppen a mir soen: „Dee ganze Montant ass steierfräi.“

Ech wär der Meenung gewiescht perséinlech, a mir als Piraten wären der Meenung gewiescht, datt een et änlech hätt misse reegelen, wéi et bei der Fonction publique ass, wéi et bei de Ministeren ass, wéi et bei den Deputéierten ass, dass een dorriwwer hätt kënne schwätzen: Een Deel, dat ass d'Remuneration, an op déi gétt Steiere bezuelt, an d'Frais de représentation proprement dits, dat si jo Ausgaben, déi ufanen, déi wäre steierfräi gewiescht. Dat wär eng Lösung gewiescht, mat där mir eisen Accord hätte kënne ginn. Esou bleift eis keen anere Wee, wéi eis ze enthalen.

Ech soen Iech Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci villmoos, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert. Den Här Premier- a Staatsminister Xavier Bettel.

#### Prise de position du Gouvernement

**M. Xavier Bettel**, Premier Ministre, Ministre d'Etat | Här President, merci, an och fir déi grouss Zoustëmmung hei am Haus. Ech mengen, dat hei ass ee

vun de leschte Puzzlestecker vun dëser Verfassung, déi nach musse kommen, an ech mengen, et ass och wichteg, dass déi virum 1. Juli, wou och déi nei Verfassung a Krafft trëtt, solle gestëmmt ginn. Dofir och dem Rapporter, dem Mars Di Bartolomeo, merci fir sái schriftelechen a sái mëndleche Rapport.

Et ass virdru schonn am Fong alles hei gesot gi vum Rapporter. Hien huet vun deenen 300.000 Francs-or geschwat. Ech muss Iech soen, ech hat dat schonn eng Kéier an dësem Haus gesot, mir haten e bëssem eng Verfassung vu Postkutschenzäit, och nach vu Postkutschentermen. Ech ka mer virstellen, dass deemoos och mat Francs-or bezuelt ginn ass. Mee déi Postkutsch gétt et net méi haut an d'Kutschen och iwwerhaapt net méi hei an dëser Stad. An ech si frou, dass mer dat och elo moderniséieren an hei virun allem awer och transparent maachen.

Ech wéll just hei soen, dass dësen Text näischt ännert un deem, wat et bis elo ginn ass. Et ass alles transparent. Dat Eenzegt, wat ass, virdrun ... An et ass scho fir 2023 am Budget virgesi gewiescht, dat heescht, et huet och null Impakt op de Budget elo. Well et si jo Leit, déi soen: „Jo, dat ass awer vill“, oder: „Dat do ass awer ...“ Jo, mee hien huet eng Aarbecht! Dén Aarbecht muss och retribuéiert ginn. An de Fonctionnement vun engem Staat brauch och Moyenen, fir kënnen ze schaffen.

Ech wéll och nach just hei betounen – well et muss een den Ènnerscheid maachen téschent Maison du Grand-Duc, déi jo och no deem Rapport Waringo ... An ech insistéieren och hei, an den Här Di Bartolomeo weess dat och ganz genau, dass dat hei och nees eng Etapp ass vun deem, wat den Här Waringo och proposéiert huet: dass een transparent d'Zuele festhält, net negociéieren et cetera an et cetera. Et war de Fall virdrun, dass do och steierfräi Montante waren. Do ass och gekuckt ginn – dat soen ech Iech och ganz éierlech – an Nopesch-Royal-Häiser, wéi dat do och gemaach gétt. An do sinn och eng Rëtsch Plaze fonnt ginn, wou et eeben och steierfräi ass.

Fir eis ass et wichtig, dass déi Transparenz do ass, dass am Fong d'Pai vum Grand-Duc, wann een dat esou ka soen ... Well et ass awer fir déi Aarbecht, déi hie mécht, och eng Pai. Ech mengen, „tout travail mérite salaire“!

An ech muss Iech soen: Mir hunn d'Chance, dass mer och an engem System sinn. Stellt Iech emol vir, mir hätten e System, wou dann zum Beispill de Grand-Duc Héritier oder de fréiere Grand-Duc op eng Kéier näischt méi géife kréien an dann eng Aarbecht misstéische goen.

(Interruption)

Dir musst Iech just virstellen, wéi dat da kéint sinn.

An ech si frou, den Ierfgroussherzog, deen nach de Moie Rendez-vousen empfaangen huet ..., an ech ka mech och nach un de Grand-Duc Jean erënneren, deen èmmer nach ganz, ganz vill Obligationen und erfëlt huet, wat hinnen och d'Moyene gétt, fir dat kënnen ze erfëllen.

Wéi gesot, et ass transparent, wat fir mech immens wichtig ass. Et si verschidde Situationsen, Här President, muss ech Iech soen, wou et èmmer esou e bëssem en Hybrid ass téschent Maison du Grand-Duc an awer och dem Privaten. Et gétt Situationsen, wou een eppes Privates hues, wat awer och an d'Fonction fält. An da muss een eeben och au cas par cas kucken. An dofir gétt et och eeben dee Comité, wou och de Staatsministère dra vertrueden ass, fir eebe bei deene Positiounen dann och kënnen ze tranchéieren. Well et sinn awer èmmer Steiergelder, déi duerno hei am Spill sinn.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci dem Här Premier- a Staatsminister. Parole après ministre fir den Här Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Merci. Net Parole après ministre eigentlech, mee ech wollt awer eppes preziséieren.

**M. Fernand Etgen**, Président | An der Prozedur gétt et näischt anescht wéi Parole après ministre. (Hilarité)

Dat misst Dir wëssen, Här Di Bartolomeo.

**M. Mars Di Bartolomeo** (LSAP), rapporteur | Nee, ech wollt just informatioushalber, Här President, wann Den erlaabt, eppes preziséieren: Et ass gesot ginn, dass am Gesetz net eng Sanktioun virgesi wär, wann de Grand-Duc seng Missiounen net géif erfëllen. Ech wéll awer drop hiwisein, dass eis Verfassung awer esou Situationsen, wou mer hoffen, dass se net virkommen, genee reegelt an den Artikelen 59 a 60 an dass d'Chamber an alle Situationsen do agebonnen ass. Et ass just déi Prezisioun, déi ech wollt ginn, Här President.

Merci.

**M. Fernand Etgen**, Président | Merci, Här Di Bartolomeo.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8170. Den Text stéet am Document parlementaire 8170<sup>2</sup>.

#### *Vote sur l'ensemble du projet de loi 8170 et dispense du second vote constitutionnel*

D'Ofstëmmme fänkt un. Mir maachen elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 56 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen an 2 Abstentiounen ugeholl.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen, Paul Galles (par Mme Diane Adehm), Léon Gloden, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly KAES, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes, Claude Wiseler (par M. Laurent Mosar) et Michel Wolter (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp) ;*

*MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn (par M. Gusty Graas), Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydia Polfer (par M. Frank Colabianchi) ;*

*Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen (par M. Yves Cruchten), M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;*

*Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy (par Mme Djuna Bernard), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain (par M. Marc Hansen), Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;*

*MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen).*

*Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.*

*Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.*

*Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?*

*(Assentiment)*

*Et ass also esou decidéiert.*